N° 7882
Entrée le 12.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.04.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Am Land ginn et iwwer 800 Patienten déi mat medezineschem Cannabis traitéiert ginn. Dës Patienten hunn oft schwéier respektiv onheelbar Krankheeten. Am Fall wou de Patient ënnert chronescher Péng léit kann et sinn, dass dëse Patient nieft sengem Cannabistraitement och wéilt an Therapië goen. Laut mengen Informatioune kann een hei wéinst dem Cannabiskonsum awer als Patient refuséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn et Therpaiezentren hei zu Lëtzebuerg, déi Cannabispatiente refuséieren?
    - Wa jo, wat sinn déi jeeweileg Grënn dofir?
    - Falls d'Madamm Ministesch heizou keng Donnéeën huet, wäert si sech heiriwwer informéieren?
2. Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht Patienten, déi de Cannabisueleg kréien an deenen, déi mat Bléien traitéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°7882
Entrée le 16.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7882 vum 12. Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ginn et Therapiezentren hei zu Lëtzebuerg, déi Cannabispatiente refuséieren? Gesetzlëch schengt et kee Grond ze gin, firwat en Therapie-Zenter Cannabispatiente refuséire misst.*

Et ass dem Patient säin Dokter deen no Indikatiounsstellung eng Ordonnance fir een Traitement mat medezineschem Cannabis ausstellt. Ambulant traitéiert Patienten kënnen op dëser Basis am Kader vun der délivrance hospitalière an der Spidolsapdikt vun den centres hospitaliers den medezineschen Cannabis zougedeelt kréien.

Dem Gesondheetsministère senge Servicer leie keng Informatioune fir, déi dorobber hindeite géingen dass Cannabispatienten op Grond vun hirer Therapie an engem Therapiezenter refuséiert goufen.

D'Anhuele vun medezineschem Cannabis ënnerläit kengem absoluten Ausschlosscritère an deene verschiddenen Therapiezentren.

*2. Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht Patienten, déi de Cannabisueleg kréien an deenen,déi mat Bléien traitéiert ginn?*

Laut der «Loi du 20 juillet 2018 modifiant la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie», sinn souwuel Cannabisueleger grad wéi och Cannabisbléien als « medizinesche Cannabis » definéiert. Et dierft vun deem Standpunkt hier also och keen Ënnerscheed tëscht Bléien an Ueleg gemaach ginn.

Aus praktescher Siicht gesinn, kann een allerdéngs vermierken, dass déi verschidde Méiglechkeete wéi medezinesche Cannabis vun den Patienten ageholl gëtt, z.B an Uelegform oder duerch eng Vaporiséierung oder Verbrennung, mat den Patiente virun der Opnam an en Therapiezentrum diskutéiert gëtt.

D'Fëmme vu medezineschem Cannabis an engem Zwéebettzëmmer vun engem Therapiezenter wär z.B problematesch.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert